

## Fir mat an d'Vakanz

vum Lex Roth



Wéi all Joer, maache mir och 2012 eng **Summerpaus mat eiser KLACK**... mä net, ouni en etlech Gedanken iwwer Ponkten aus dem Fong vun eiser Sproochsituatioun mat an d'Valise ze stiechen. Mir kënnen haut roueg behaupten, datt d'Lëtzebuergesch **en enorme Wee zënter de leschte ronn 200 Joer** gemaach huet. Vergiessen daerf een dobäi net, datt an der Zäit knapps 1% vun de Leit liesen/schreibe konnten, déi hei gelieft hunn, iert d'Schoul fir d'Allgemengheet eng Roll gespilt huet, an zwar an de 40er Joere vum 19. Joerhonnert! Soubal deemools eppes op déi eng oder aner Manéier 'offiziell' war, guff et nëmme Franséisch, Däitsch an deelweis och nach Hollännesch... bis op d'Kierche-Situatioun hat „dat gemengt Vollek“ weder eppes mat enger anerer Sprooch ze dinn, nach d'Méiglechkeet, d'Mëttelen oder en Intressen drun, sech ëm Geschriwwenes ze bekëmmere... vun Texter op Lëtzebuergesch net ze schwätzen. Hei kënnst een dem Brecht säi Spréchelchen ofgeännert zitieren: *Fir d'éischt kënnst de Maufel an dann eréischt d'Sprooch*.

Vun deem éischte „Buch“ – no e puer ‚Lëtzebuergesche‘ Sätz an enger Zeitung – dat 1829 an eiser Sprooch erauskomm ass (e *Schréck op de Lëtzebuerg Parnassus*), guff den Tunn Meyer ganzer 35 Stéck lass... iwwegens hat dat sougenannt „Buch“ och nëmme... 35 Säiten. Den Universititsprofessor (!) Meyer huet de Courage fir seng Sprooch ni verluer!

**Gelungenerweis begéine mir duerno da Leit aus der intellektueller Mëttelschicht** (Gangler, Diedenhoven, Lentz), déi sech fir d'Lëtzebuergesch asetzen; et sinn net zoufälleg deer gewiescht, déi verstan hunn, wat d'Sprooch fir déi Identitéit geng bedeiten, déi lues a lues gewibbelt huet: de Gangler guff 1847 den éischte Lëtzebuerg Dictionnaire eraus; den Diedenhoven ass duerch säi „Bittgank no Conter“ ni vergiess ginn; de Lentz mécht sech en Numm mat daitlech patrioteschen Texter (*Feierwon, Uelzecht/Heemecht, Heemwéi*...).

Wat ee ka verwonneren, ass an dëser Rei vu Pionéier den **Dicks, dem offiziell ieweschte Personnage vum Grand-Duché-ignace de la Fontaine säi Jong**: Hien huet zwar keng patriotesch Trompett geblosen, ower säin Afloss war fir eis Sprooch a Kultur duerch seng Situatioun/Positioun an säin Talent net ze iwwerbidden; seng populär Theaterstécker, vrun allem d'Lidder draus, hunn am Sprooch-Sënn ageschloe wéi eng „Streebomm“! Mat Sécherheet huet dat sech och ënnert dem Wëllem II an III zu La Haye erëmgeschwat an eng psychologisch Wierkung gehat; de Pränz Hary hat et jiddefalls brillant verstan: Um Oranier-Haff haten se iergendwéi matkritt, datt mir äis net ouni ze maule wëllte verkëppe loossen!

Mir kënnen elo an dësem Sënn weiderfuere bis haut: **Et steet poulrucht fest, datt nëmme eng Abberzuel vu PRAKTESCHE Schrëck d'Lëtzebuergesch weiderbruecht hunn**, och wann een den néidege Respekt vrun ANALYTESCHER, reng theoretischer oder linguistischer Aarbecht kann hunn. Dat kënnst mir ouni Krämpes bis an eis Zäit eran nowiesen. Méi reng getrëzt dierft een hei vu PRAGMATISMUS schwätzen, deen sech, no allen zerguttsten Definitioune, un d'Realitéit, d'Praxis an d'Actioun hält... eis Aarbecht zënter wéinstens 45 Joer! Firwat sollte mir an deer nächster Nummer vun der KLACK (N° 184), de 6. Oktober, dee bewusst „populären“ Iwwerbléck vu ronn 1870 bis haut, net weider an d'Breet schreiwem?

## Dr. Günter Knackstedt †

1979 huet den deemolege Staatsminister ugeruff, fir ze froen, ob et dra wier, deem **neien däitschen Ambassadeur Günter Knackstedt** an eis Sprooch eranzehëlfen. Dat ass natierlech geschitt, nodeem mir och ewell d'Éier haten, déi franséisch Ambassadrice, d'Madame Dienesch, an eise Coursën ze begrëssen. Fir en intelligenten a super-feine Mann wéi den Här Knackstedt, deen och am Engleschen, Spueneschen asw. doheem war, ass et e Genoss mat eiser Sprooch gewiescht. **Eng Saach huet hie goldrichteg gemaach: Bei all Lëtzebuergesch huet hien einfach säi Lëtzebuergesch zumbeschte ginn.** De Clou: Nodeem hien zu Bonn gepréift gi war, krut den Här Botschafter eis Sprooch offiziell an sengem Ministère als ‚Fremdsprache‘ unerkannt an eng extra Prime dofir... dëst 5 Joer virun eise Sproochgesetz vun 1984... dat him indirekt eppes ze verdanken huet, well den Här Staatsminister Werner doriwwer verwonnert an houfreg war! Eise Souvenir un den Här Knackstedt bleift deer allerbeschter een.

## Hon(d)séislek?

An deer leschter KLACK (182) war rieds vum **typesche Sproochgebrauch, deen et plazeweis am ‚Hon(d)séislek‘ gëtt**. Wa mir d'Sproochgewonnecht vun do emol op der Sait loosse, da bleift ower d'Fro vum **Niewen-Numm fir d'Nordspëtzt vun eisem Land**.

E sympathesche Kolleg an dichtege Wëssenschaftler, de Professor-Dokter Jos. Massard huet der KLACK **eng immens interessant Explikatioun iwwer den Numm „Hon(d)séislek“** geschéckt, aus deer emol kloer gëtt, datt deen Ausdrock knapps eppes mat engem Hond ze dinn huet. Et dréint sech ëm **den urale germaneschen Numm vum bronge Bier**, deen et op déiselwech Fassong an der ganzer Äifel op e sëlliche Plaz gëtt a wouvun den „Hunsrück“ dee bekannsten ass. De Professor Massard an seng Fra Gaby Geimer schaffe ganz aerdeg op ville Pläng, déi mat Biologie ze dinn hunn, wat och dem Här Massard säi Spezialfach war a wäit bis an d'Pensioen era bliwwen ass.

Hei dann d'Internetadress fir déi genee Explikatiounen op en etleche Säiten ze liesen: [http://massard.info/pdf/heimatkalender\\_2010\\_footnote.pdf](http://massard.info/pdf/heimatkalender_2010_footnote.pdf); **Säit 6...** (vläicht wier et och net vu Muttwëll, sech domat an der Zäit-schrëft „Cläiwer Kanton“ ofzeginn). Woumat mir hei dann (net ouni eise Merci!) enger gudder Saach op de Spronk hëllefen.

## Op Franséisch liesen/schreibe léieren?

Mir sinn an der KLACK net dofir bekannt, datt mir hei periodesch vrun Däitschen um Bauch leien; och net all Kéier eng Ouschterkäerz fir d'Franséisch ufänken. Dat ass eis Roll net: **Mir wëllen ze verstoe ginn, datt d'Lëtzebuergesch eng Haupt-Stäip vun eiser Identitéit a Kultur ass a bleiwe soll**; datt do, wou mir Wierder, Ausdréck an eege Sproochbedeutungen hunn, géint iwwerflësseg, muttwëllst Däitsch oder Franséisch schaffen... also net primär (a primitiv!) géint déi eng oder aner vun deene grouse kulturellen Héichsproche wudderen.

Wien hei fir d'Lëtzebuergesch an dofir géint d'Däitsch/Franséisch ass, deen huet sech de Fong vun deer Sproochsituatioun ni richtig iwwerleucht. Et ass eng eemoleg Situatioun an Europa... et ass och nach déi beschte ‚Mëschung‘ fir Englesch ze léieren.

Wéi ass et dann elo mat der Alphabetisatioun vun eisen I-Butzen? **Zënter 8 Generatiounen ass déi logescherweis iwwer d'Däitsch gelaf**, well den Tounfall vum Lëtzebuergesch nun emol vu senger germanesche Wuerzelen kënnst... a mir sinn absolut net schlecht domat gefuer! Datt d'Franséisch an der Mëtt vum 2. Schouljoer dobäi komm ass, huet fir en ‚normale Kapp‘ kee Krämpes kascht a keen dru gehënnert, ‚herno‘ e ganz passabelt bis excellent Franséisch ze gebrauchen; firwat also elo doru fréckele goen? Esou eng Kueberei kann nëmme a Käpp geeschteren, deene psycho-pädagogesch-didaktische Grëtz friem ass. Méi bräicht een am Fong net doriwwer ze soen.

Natierlech kënnst elo déi bekannt Ursach: **Mir hu vill ‚romanophon‘ Kanner an der Schoul**, an déi sinn dann am Nodeel. Da misst ee jo och emol nom Türkeschen an Däitschland an nom Spueneschen an den USA kucken; ower da mengt alt! Wéi wier et dann, wann een deene ‚frieme‘ Kanner déi éischt 3 Joer um Stonneplang eppes weider am Däitschen an de Lëtzebuerg eppes méi am Franséische géif bäiginn... an d'Alphabetisatioun loosse wéi se ass?

## eng ‚gelunge Saach‘

Ee vun de meescht verschampléierten Ausdréck ass ‚gelungen‘. Dat huet bei äis **strikt glat näischt mam däitsche Verb an sengem ‚Particpe passé‘ gelingen ze dinn...** an deem Sënn ass et op Lëtzebuergesch total nieft den Dill, dat däitscht Verb wëllen op iergendeng Manéier an eis Sprooch eranzeguetschen... well mir et guer net néideg hunn. Hei ass nun emol eng Saach **net ‚gelungen‘**, déi einfach ‚geroden‘ ass, oder wou een eppes ‚faerdegruecht‘ huet.

Wa mir d'Affär ëmdrëinen, da si mir jo och um Holzwee, fir ze soen: *das ist ein Gelungener (Eigenartiger...); der sieht so gelungen aus (komisch...); der geht so gelungen da.* Huet dir ewell dru geduecht, datt et deen Ausdrock bei äis an dräierlee Wuerttype gëtt: als Substantiv, als Verb an Adverb. E gehéiert deemno bei den identitäre Räichtum vum Lëtzebuergesch!

## En neien Ausdrock?

Wësst dir, wat eng ‚petite caisse‘ oder eng ‚grosse caisse‘ oder ‚tambour‘ am Franséische bedeit? Net eng kleng oder déck Këscht. Am Däitsche gëtt et scho méi daitlech: do hu mir eng ‚grosse Trommel‘ an eng ‚kleine (Schnarr-) Trommel‘.

Bei äis heeschen déi Dënger ‚deck Tromm‘ a ‚kleng Tromm‘... mä deslescht hunn ech an engem Artikel vun eiser Sprooch-Frëndin Monique Hermes gelies, zu Gréiwemaacher giff et dann och nach eng... **‘RABELTROMM’** ginn; nei erfונnt oder am Gebrauch? Op jidder Fall wonderbar! Wéi solle mir dann elo déi rhythmesch-immens Rëtsch vu klengen Trommen nennen, déi ee vrun allem bei flotten an disziplinéierten hollännesche Musekstruppe gesäit a wéi e melodesch Donnerwieder klénken, dat jo iwwegens och nach plazeweis ‚Dimmer‘ heescht? Vläch eng ‚Dimmertromm‘... oder net?

## Wie verhandst eis Sprooch am meeschten?

Léon Doemer

Heiansdo kënnst een op déi **zynesesch-provokativ Iddi kommen, fir e Concours auszeschreiwem, dee soll erauffannen, wien eis Sprooch an der Öffentlechkeet am meeschte verhandst**. Dat wier awer netgrad richtig an netfair, well et muss ee soen, dass zënter laangem immens Effort'e fir eis Sprooch gemaach ginn, an doriwwer kënnst mir äis nëmme freeën, besonnesch wa mer feststellen, dass eng gutt Partie vun eisen auslännesche Matbierger sech vill Méi ginn, fir eis Sprooch ze léieren a se ze schwätzen.

Och am Facebook, Twitter oder **an de sou genannten öffentleche Foren gëtt fläisseg Lëtzebuergesch geschriwwen, grad esou wéi an de sëllichen SMS- oder E-mail-Noriichten**. Dat ass och gutt esou, an dass et do mat der Schreif- an Ausdrocksweis méi oder wéineger happert, ass net weider tragesch; et wier dach awerflott, wa sech d'Leit e bëssche méi géifen ustrengen, besonnesch wann se eent an datselwech Wuert op dräi verschidde Manéiere schreiwem, esou wéi et hinne grad an d'Kopp kënnst, fräi nom Motto: Déi aner versti schonns, wat ech wëll soen. Och am Schreiwem oder am Schwätzen soll een sech eng gewëssen Disziplin opleeën, och am private Beräich. Et ass eng Fro vu Mentalitéit, eng Fro vu Respekt vis-à-vis vun deenen anere Leit; ech hunn d'Gefill, wéi wann ëmmer méi dacks nom Motto gehandelt géif: *„Déi aner kënnst jo kucken, dass se eens ginn!“* Et ass grad esou séier richtig wéi falsch geschriwwen. Méi wéi eemol hunn ech missen héieren, dass ee mer gesot huet, nodeems ech hien op déi Saach do opmierksam gemaach hat: *„Ech weess zwar, wéi et richtig ass, mee et ass mer egal.“*

Nach méi **schlëmm awer ass et, wann et an öffentlechen Dokumenter, an Invitatiounen oder Rapport'en op Lëtzebuergesch, vu Feeler nëmme esou wibbelt**. Déi Saache sinn nämlech, ob ee wëllt oder net, e **Virbild**, no deem sech d'Leit am Allgemeng rüchten, an ouni et emol ze wëssen, fixéieren se och déi falsch Schreif- an Ausdrocksweis an hirem Sproochverhalt. Op déi Manéier gëtt dat Falsch weidergereicht, um Enn geet dat Korrekt d'Baach erf. Et gëtt elo net verlaangt, dass jidferen, dee fir d'Öffentlechkeetsaarbecht verantwortlech ass, e Sproochgenie ass, mee et gëtt sécher iwerall eng Person, déi déi elementar Regele vun eise Sproochgebrauch kennt a bestëmmt gär bereet as, deen een oder aneren Text nozekucken. Et kann dach net sinn, dass een invitéiert gëtt *„op e gemittleche Owend bei séffesche Patt“*. Muss eis Sprooch sech dat gefale loosse? Nach eng Kéier: Wann ee mir dat do privat seet, ass dat ganz an der Rei, well et kann een nëmme frou sinn, wa friem Leit sech d'Méi ginn, Lëtzebuergesch ze léieren. Et ass nach kee Meeschter vum Himmel gefall; wann d'Lëtzebuerg eng friem Sprooch (musse) schwätzen, ass och net alles esou brillant, wéi der vill dat mengen. Wann et awer ëm en offiziell Dokument geet, dann héiert de Spaass op, dann dierft keng esou graff Feeler dra stoen, dass et bal ausgesäit, wéi wann de Geck mat der Sprooch gemaach géif.

Dass an de Medien mat der Sprooch – net nëmme mam Lëtzebuergesch – ëmmer méi nolëiseg ëmgesprong gëtt, schéngt no an no kee méi ze stéieren, a verschidde Journalisten hunn dat eent oder anert Kapitel vun der Grammatik verschlof; awer och hei géllt: Dee falsche Gebrauch vun Ausdrock a Grammatik setzt sech lues a lues fest; mat der Zäit weess kee méi, wat elo richtig oder falsch ass. Vläch ass et och deene meeschte Leit egal.

À propos Grammatik: Eist Lëtzebuergesch mat senger typescher Plural-Endung „-en“ suert ëmmer erëm fir déi bekannt Feeler am Däitschen. Amplaz „die Fenster“ heescht et dann: *„die Fenster“*, wat och net verwonnert, well mir jo d'„**Sprachbuch für den Deutschunterricht in Luxemburg (3 Bänn)**“ längst ofgeschafft hunn, e Schoulbuch, dat duerch seng innovativ Interferenzmethodik speziell op déi „falsch Frënn“ opmierksam gemaach huet.

Et kënnst een heiansdo mengen, et géif hautdesdaags duergoen, wann d'Leit esou ongeféier verstoe giffen, wat gemengt ass. Si mer ewell schonnsesou op den Hond komm?

**De Léon Doemer, ë.a. „Germanist“ vu Formatioun, ass – mat sengem Kollege „professeurs-docteurs“ Joseph Groben a J.-P. Hurt – Co-Auteur vum herrleche Wierk, dat hei uewendrun ernimmt gëtt; et ass eng Aremseilegkeet, wéi iwwerhiefléich am Ministère vun der Education nationale vun didaktesch-pädagogesche Loftnummeren domat ëmgesprong guff! A wien do d'déck Wuert huet, ass nach net emol... vun hei! (L.R.)**

## Äddi, Fernand Theato

Et heescht ëmmer, déi Gutt gengen ze fréi goen. Fir de Fernand Theato stëmmt dee Sproch op den Dibbelchen. Hien hat säi Pafendall an seng Heemecht net nëmme iwwer alles gär; deer hu mir leider net genuch, déi sech esou asetzen, wéi de Fernand dat gemaach huet. Hie war, mat sengem Wëssen a Können en Organisatiounstalant, wéi een der net vill siche geet. Wat hien – ouni sech dat Allernächst dofir ze erwaarden – ugepaakt huet, dat huet geklappt wéi ‚Papjemusek‘. Fir d'Actioun-Lëtzebuergesch war hien e feine Frënd a begehert vum eiser konsequenter Aarbecht. De Laurent Menager, den National- Komponist aus senger direkter Heemecht, de Meeschter! huet de Fernand veréiert wéi en Hellegen... an dat nach vrun e puer Méint op eng exemplaresch Fassong an der Pafendaller Kierch bewisen. Eng Tragik, datt esou e wertvolle Mënsch esou fréi huet misse ‚goen‘. Senger Fra an de Kanner soe mir eis déifste Sympathie! Si kënnen houfreg op hie sinn.